



Covid-19 – FLT Konzept



FIR D'VerÄiner (OUTDOOR)

- 1) Di allgemeng Virgaben a punkto Hygiènesreegelen, genee esou wéi di elementar Sécherheetsvirgabe vun der Regierung sinn zu all Moment anzehalen (zB de Mindestofstand, Maskepflicht bei manner ewéi 2 Meter Distanz,...).
- 2) D'Veräiner müssen dofir Suergen, dass Persounen déi op den Tennisanlage schaffe mat dem néidege Sécherheetsmaterial ekipéiert ginn (Händschen, Masken, Desinfektiounsmëttel).
- 3) Clubhaiser, Buvetten, Restauranten, Vestiaires, Duschen an allgemeng Raim an de Clubhaiser bleiwe bis op Weideres zou.
- 4) Den Zougang zu den Toiletten am Clubhaus dierf opsinn wa keng aner Toiletten um Tennssite disponibel sinn.
- 5) D'Opstelle vun Desinfektiounsmëttel bei all Terrain gött staark recommandéiert, genee esou ewéi d'Bereetstelle vun Einweg-Händsche bei den Ofzéimatten fir den Terrain nom Spillen ofzezéien respektiv bei den Tennisschläich fir den Terrain ze nätzen.
- 6) D'Tennisanlag ass just op fir Leit déi Tennis spille kommen.
- 7) D'Sëtzbänken op den Terraine sti mindestens 4 Meter auseneen an all Bänk dierf vu just maximal 1 Spiller pro Tennisunitéit benotz ginn.
- 8) All Veräin muss dëst COVID-19 Tennis Reglement op der Tennisanlag ophänken.

Covid-19 – FLT Konzept



FIR D'SPILLER (OUTDOOR)

- 1) Reservéiert ären Tennisterrain am Virfeld!
- 2) An enger 1. Phase dierf just Simpel gespillt ginn. Ab wéini Dubbel dierf gespillt ginn, gëtt a Récksprooch mat den offiziellen Instanzen, matgedeelt.
Ausnam: 2 Spiller déi zesumme wunnen dierfe matenee géint 2 aner Spiller déi och zesumme wunnen Dubbel spillen.
- 3) D'Spiller kommen eréischt kuerz virum Ufank (max 5 Min) vun der reservéierter Tennisunitéit op d'Anlag fir Kontakter tëschent de Spiller ze vermeiden.
- 4) Falls sech beim Eran- oder Erausgoen op den Terrain Leit begéine mussen déi 2 Spiller stoe bleiwen a Virfaart huet ëmmer de Spiller dee vum Terrain erof geet.
- 5) Op den typeschen Tennis Handshake gëtt verzicht.
- 6) Et gëtt recommandéiert, dass all Spiller och ëmmer selwer Desinfektionsmëttel derbäi huet.
- 7) Tennisbäll musse markéiert ginn, an all Spiller dierf just seng eege Bäll upaken.
- 8) All Spiller ass fir sech selwer responsabel.

FIR DEN TRAINING (OUTDOOR)

- 1) Pufferzone sinn op all Terrain anzeriichten (Grafik).
- 2) All Spiller kënt eleng op den Terrain eran.
- 3) Op all Terrain stinn Desinfektionsmëttel bei den Trainer zur Verfügung (Hänn virun an no all Training desinfizéieren).
- 4) Physesche Kontakt tëscht de Spiller respektiv dem Trainer an de Spiller ass ze vermeiden.
- 5) Den Training ass an enger éischer Phase méiglech a Gruppe vu maximal 2 Spiller plus 1 Trainer (mat dem néidegen Ofstand).
- 6) Hëllefsmëttel fir den Training ze organiséieren (Staangen, Hittercher,...) dierfe just vum Trainer opgestallt an ofgebaut ginn.
- 7) D'Tennisbäll solle prinzipiell just mat speziellen Tenniskierf oder sougenannten Tennisballsammelröhren agesammelt ginn.
- 8) D'Trainer si responsabel fir d'Trainingsmaterial regelméisseg ze desinfizéieren wat wärend den Trainingsunitéite gebraucht gëtt.

